ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Et héiert een aus dem Transportsecteur, datt d'Konventioune mat private Bus-Betriber, déi fir den RGTR (ëffentlechen Transport) fueren, auslafen an nei ausgeschriwwe ginn. Am Secteur gëtt et eng gewëssen Onsécherheet, well dës Ausschreiwung fir d'éischt op europäeschem Niveau gemaach gëtt. Do gëtt gefaart, datt d'Lëtzebuerger Betriber mat deene méi groussen auslänneschen net kënne mathalen.

An deem Kontext hätt ech eng Fro un den Transportminister:

1. Ass an der Ausschreiwung am Cahier des charges vun de Betriber vum Persounentransport verlaangt, datt d'Chofere vun de Bussen op den RGTR-Linne sech mat de Passagéier op Lëtzebuergesch musse verstännege kënnen?
2. Wär dat an den Ae vum Här Transportminister net eng Fuerderung, déi géing hëllefen, de Konkurrenzkampf tëscht Lëtzebuerger an auslänneschen Transportbetriber auszegläichen?
3. Wann dës Fuerderung net am Lastenheft virgesinn ass, wat sinn heifir d'Ursaachen?
4. Gëtt et rechtlech Grënn, déi géint esou eng Fuerderung am Cahier des charges sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten